adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Oktober 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro (Art. 84 vum Chamberreglement) un den Här Wirtschaftsminister, den Här Banneminister, den Här Minister fir Tourismus an d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

Déi nei Covid19-Moossname brénge grad fir Wirtschaftssecteuren, déi scho vill ënnert de Corona-Restriktiounen ze leider haten, nei Verschlechterungen nom Confinement. An och d'Wirtschaft am Ausland leit, wat wieder ekonomesch Konsequenze fir eist Land huet. Alt nees ass den Horeca-Secteur betraff (Restriktioun vun de Leit pro Dësch, Ausgangsspär no 23 Auer). De Business- a Kongresstourismus a generell all Reesaktivitéite si weider Affer. An och den Evenementiel an de Kultursekteur wäerte bei der Reduzéierung vun de soziale Kontakter nees mat weideren Abousse konfrontéiert sinn. Generell haart betraff sinn och d'Maartleit an d'Forainen. Duerfir wollt ech den zoustännege Ministeren dës dréngend Froe stellen:

1. Als éischt kritt d'Personal an all deenen Domänen d'Auswierkungen ze spieren. Mat wat fir Moossname soll verhënnert ginn, datt Leit an dëse Secteuren hir Aarbecht verléieren? Wéi eng Moossname gi weidergefouert a fir wéi laang, wat sinn nei Léisungen, déi envisagéiert ginn?
2. Ee vun den Haaptbetraffenen zu Lëtzebuerg ass den Aviatiounssecteur. Wat kann de Staat maache fir hei ze hëllefen, esou wuel wat déi grouss Airlines wéi och wat d'Privatloftfahrt ugeet?
3. Wéi ass et méiglech, den Horeca-Secteur besser ze ënnerstëtzen? Verfollegt d'Regierung hei nei laangfristeg Léisungen? Gëtt de Prime-System nach eng Kéier opgeluecht?
4. Wat fir Mesure sinn am Evenementiel an am Kulturberäich envisagéiert?
5. Bei de Forainen a Maartleit dréit (nom Ofsoe vum Chrëschtmaart an der Stad) alles drëm, deene Leit Méiglechkeeten ze ginn, fir esou vill Ëmsaz wéi méiglech ze maachen. Gëtt un engem gesécherte Kader geschafft, wéi a wou dat ka méiglech sinn?
6. Hunn d'Ministèren schonn Erkenntnesser iwwert d'Wierksamkeet vun de Moossname, déi bis elo ausprobéiert gi sinn, a sinn eventuell Ännerungen an Upassunge geplangt?
7. A senger Äntwert op d'parlamentaresch Fro vum honorabelen Deputéierte Jeff Engelen rappelléiert den Här Tourismusminister de „Fonds de relance et de

solidarité". Kann dee Fong, dee speziell fir Horeca, Evenementiel an Tourismus ass, och op d'Forainen an d'Maartleit ausgedeent ginn?

8. Den zoustännege Minister confirméiert an där Äntwert och, datt knapp 10 Prozent vun den Hotelsbongen, déi säi Ministère erausginn huet, bis elo gebraucht goufen. Ass séchergestallt, datt déi Mëttelen, déi heifir geduecht waren, an de „Fonds de solidarité et de Relance" fléissen, wann d'Bongen net méi an Usproch geholl ginn?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742